
Mäi private Beräich erstellen
Nei Benotzer*innen
MyGuichet.lu

# Op MyGuichet.lu enregistréieren

Ier Dir Äre private Beräich erstelle kënnt, musst Dir lech **op MyGuichet.lu enregistréieren**. Wéi dat geet, gitt Dir an eisem Tutorial zu deem Theema gewuer.

Sech op MyGuichet.lu enregistréieren



1

Acceptéiert d'**allgemeng Benotzungsbedéngungen** (CGU) fir MyGuichet.lu.



2

Klickt op „**Bestätigen**“.

Op Lëtzebuergesch „Validéieren“.



3

Klickt op „**Meinen privaten Bereich erstellen**“.

Op Lëtzebuergesch „Mäi private Beräich erstellen“.



4

Fëllt déi **obligatoresch Felder** aus. Dës si mat engem Stär (*) markéiert.



Äre **Virnumm** (oder Är Virnimm) an Ären **Numm** (oder Är Nimm) ginn automatesch aus Ärem Authentifizéierungsproduit iwwerholl a kënnen net geännert ginn.



D’Feld mat der **E-Mail-Adress** ass automatesch ausgefëllt.

Dir kënnt d’Adress awer änneren, wann Dir Är Notifikatioune vu MyGuichet.lu léiwer op eng aner Adress geschéckt kritt.



5

Klickt op „**Bestätigen**“.

Op Lëtzebuergesch „Validéieren“.



Dir hutt elo **Äre private Beräich** op MyGuichet.lu **erstallt**!





**Guichet.lu**
11, rue Notre-Dame
L-2240 Luxembourg
(+352) 247 82 000

**Braucht Dir Hëllef?**

**Méi Infoen:**

**Verantwortlechen Editeur:**
Zenter fir Informatiounstechnologië vum Staat (CTIE)

ctie
Centre des technologies de l'information de l'État

**Lescht Ännerung:**
29. Januar 2026

**Coverfoto:**
© Drobot Dean – stock.adobe.com